De Schäfferot aus der Gemeng Garnech steet.

No deene villen Spekulatiounen a Publikatiounen am Radio an an der Press deelt deen neigewielten, zukünftegen Gemengerot mat, wéi de Schäfferot fir di kommend Legislaturperiod opgestallt as. An engem konstruktiven Gespréich as beschloss ginn, sech zesummenzedinn a sech gemeinsam fir d'Wuel vun der Gemeng anzesetzen

Buergermeeschtesch gëtt Mme. Sonia FISCHER-FANTINI, 1. Schäffen d' Mme. Pia GODELET-BISSEN an 2. Schäffen den Här Lou DONDLINGER. Nët nëmmen, dass di zwou Equipen, déi an d' Walen gaange sinn, sech d' Posten am Schäfferot deelen, an esou och dem Majorzsystem, ënnert deem an der Gemeng gewielt gouf, Rechnung droen, as et och di éischt Buergermeeschtesch an der Gemeng Garnech.